

Emweltkommission 17.01.2022

Anwesend : Jos Schoellen, Luc Etringer, Jean Nies, Michael Schütz, Metty Steinmetz, Fabrice Ramillon, Sam Serres, Paul Hendel (online)
Thomas Rünnenburger, Frank Schmit

Abwesend: Roby Alfter, Nadine Alfter, Christopher Witry, Jean-Marie Beneké, Tom Leonardy, Jean-Jacques Conrardy, Fabio Cumetti, Dan Schaaf

De Jos Schoellen ass lo och offiziell bei MyEnergy als Klimaschäffen vun der Gemeng Rouspert-Mompech registréiert.

Klimapakt 2.0

Den Thomas Rünnenburger huet eis op de läschte Stand bruecht virum Audit 2022. Donierft huet hien och op d'Aufgaben higewisen déi op d'Klimateam wäerten nom Audit ustoen.

Generell steht Lëtzebuerg gutt do, mee dat ass och dem geschold, datt vill Subventiounen bezuelt ginn. Eis Gemeng muss sech 2022 nees préife loossen, well soss fléissen keng Subventiounen.

No Klimapakt 1.0 wäere mir de Moment bei 68%.

No de neie Mesuren am Klimapakt 2.0 si mir lo bei 48,3%. **MEE** keng Angscht, do fehlen nach ganz vill Punkten. Mir wäerten lo Enn Mäerz beim Audit héchstwahrscheinlech bei ongeféier 60% leien. Ziil ass et fir Enn 2022 bei 65% oder méi ze landen.

NEI AUFGABEN FIR D'KLIMATEAM:

- Aschaffen an de Mesurekatalog (gëtt nach un d'Memberen per Mail verschéckt)
- 1 Klimapaktveranstaltung pro Joer (bréngt vill Punkten am Klimapakt)
- Identifikatioun vu Projeten mat Jugendlechen (Schoulen, Maisons relais, Veräiner, etc.)

Natur- an Emweltdag 15/05/2022

Wa mir de Numm vum Dag sollten änneren, kéinte mir en och « Klimapaktdag » nennen. Dee Moment hätte mir dann schon dëst Joer eis „Klimapaktveranstaltung“. Allerdéngs musse mir dat méi spéit nach emol kucken.

Och d'Zesummenaarbecht mam Naturpark gëtt nach gepréift, well déi selwer wëllen en jährechen „Energiedag“ an de Naturpark-Gemengen wëlle veranstalten.

Zur Organisatioun vum Dag selwer:

All Stänn a Präsentatiounen bleiwen zu Hierber an a ronderëm d'Scheier.

Eenzeg Ausnahm ass d'Wandmillen um Pafebiërg, wou mir kucken fir eng Navette mat engem Elektrobus ze organiséieren.

Rent-a-Bike, wann se da kommen, kéinten dann och Veloën zur Verfügung stellen. Mat denen kéint een och en virgezeechente Wee duerch de Bësch fueren.

Eventuell och e Garagist mat engem Elektroauto kontaktéieren, fir d'Leit och dofir ze sensibiliséieren.

De Jonas Franz vun der Gemeng ënnerstëtzt eis bei der Organisatioun, allerdéngs soll jiddereen deen een interessanten Kontakt fir den Dag huet, deen och kontaktéieren. Vlät kréie mir do jo e flotten Mix hinn.

Mir mussen och nach en Horaire vum Dag festleeën. (Bsp. Vun 10 – 16 Auer). Dëst well et och eventuell déi eng oder Präsentatioun soll ginn, déi muss annoncéiert ginn bei de Leit.

Op der Plaz musse mir kucken fir och eng kleng Restauratioun virzegesinn. Comptoir a vlät eppes vum Grill (do kéint een déi lokal Veräiner uschwetzen, vue datt mir als Kommissioun keng Kees hunn an och keng sollen hunn.)

Den Dag steet a fällt awer och mat der Reklamm. Och do wäert eis de Jonas Franz zur Hand goen mat der Gestaltung vun engem Flyer an eventuell dann och online Reklamm maachen.

De Sam trefft sech de nächste Mëttwoch mam Jonas fir ze kucken wéi d'Organisatioun viru geet. Wat mëcht hien a wat kënnen mir nach maachen.

D'Lëscht mat den Intervenanten a wat schon organiséiert ass, schéckt de Sam dann regelméisseg mat Updates raus.

Dag an der Natur

Natur an Umwelt huet, wéi all Joer, d'Aktioun « Een Dag an der Natur ».

Mir maachen mat eisem Dag den 15. Mee 2022 u sech genau dat, wat si froen. Allerdéngs hu mir decidéiert fir dat ënnert dem Fändel vun der Gemeng an dem Klimapakt ze maachen a **NET** mat „Natur an Umwelt“.

Gemeinwohloökonomie 2022

D'Gemeng Mertzeg gëtt eis e Feedback, wat si sech kënnen virstellen als eventuellen Austausch mat hiren Erfahrungswerter.

Är mir eis offiziell mat Verrieder vun der GWÖ treffen, ass dëst ganz wichteg.

Grouss Botz 2022

Eis „Grouss Botz“ fënnt dëst Joer, de Samsdeg, 26. Mäerz 2022.

Mir maachen dëst Joer och just 1 Départ fir alleguer d'Leit. Dëst ass machbar, wann d'Leit sech un d'Reegelen halen.

Mir hunn och décidéiert, datt mir de Leit näischt méi matginn, soulang mir net nees kënnen zesammen eppes iessen an drénken. Hei ass den „moment convivial“ dat, wat zielt.

D'Leit komme jo fir mat ze botzen a net well si eppes fir näischt kréien. D'Erfahrung vum läschte Joer huet gewisen, datt Leit och zum Deel guer net opgedaucht sinn an dementspreechend ze vill préparéiert gouf.

Déi nächst Sëtzung fënnt den 10. Mäerz um 19 Auer an der Hierber Scheier statt.

Dat ass dann och gläichzäiteg e Meeting vum Klimateam.